N°314
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune du ministre du Travail et de la ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture à la question parlementaire n° 314 de Madame la Députée Alexandra Schoos et de Monsieur le Député Jeff Engelen**

**Ad. 1**

Am Kader vun senge Kontrollen iwwerpréift d'ITM op d'Reegele betreffend d'Aarbechtsbedéngungen an an der Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht agehale goufen. D'Kontrolle vun der ITM ginn entweder op Basis vun enger Plainte organiséiert oder si gi proaktiv geplangt an duerchgefouert.

Am Joer 2023 huet d'ITM am ganzen 17.328 Kontrolle bei verschiddene Betriber vun alle Secteuren duerchgefouert an 3.268 Geldstrofe verhaang fir e Betrag vun 14.307.000 Euro.

Am Joer 2023 goufen 36 Kontrolle bei Wënzer-Betriber duerchgefouert an et goufen hinnen 10 Geldstrofe verhaang fir e Betrag vu 44.500 Euro.

D'Grënn vun dese Geldstrofe betreffen Infraktiounen déi festgestallt gi sinn am Kader :

- vun der medezinescher Ënnersichung vum Aarbechtsdokter
- vum Opstellen vun den Aarbechtsstonnen a Congésregëster
- vum Opstellen vun de Paiziedelen
- vum Feelen vun Beweiser betreffend d'Bezuelen vun de Paien
- vum Net Bezuelen vum Salaire
- vum Net Bezuelen vun den Iwwerstonnen a vun de Congésindemnitéiten
- vum Feele vun der Openthalts- an Aarbechtserlabnes.

**Ad. 2**

Vun deenen 10 Geldstrofen déi am Joer 2023 u Wënzer-Betriber verhaange goufen, sinn der bis elo 5 bezuelt ginn an dëst fir e Betrag vun 9.000 Euro.

**Ad. 3**

Wat d'Geldstrofen uginn, déi nach net bezuelt goufen, léien der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA, déi sech ëm de Recouvrement vun de Geldstrofe bekëmmert, keng Grënn vir firwat déi betraffe Wënzer-Betriber dës Geldstrofen nach net bezuelt hunn.

**Ad. 4**

D'Zuel vun de Kontrollen, déi vun der ITM bei verschiddene Betriber vun alle Secteuren duerchgefouert goufen, hu sech wéi follgend ab dem Joer 2016 entwéckelt :

| Joer | Unzuel vun de Kontrollen |
|---|---|
| 2016 | 979 |
| 2017 | 3.350 |
| 2018 | 3.667 |
| 2019 | 5.682 |
| 2020 | 7.419 |
| 2021 | 8.511 |
| 2022 | 10.072 |
| 2023 | 17.328 |

D'Zuel vun de Kontrollen, déi vun der ITM bei de Wënzer-Betriber duerchgefouert goufen, hu sech wéi follgend fir déi selwecht Zäit entwéckelt :

| Joer | Unzuel vun de Kontrollen |
|---|---|
| 2016 | - |
| 2017 | - |
| 2018 | - |
| 2019 | - |
| 2020 | 1 |
| 2021 | 11 |
| 2022 | 26 |
| 2023 | 36 |

Am Kader vu senge Kompetenzen huet d'ITM vu Joer zu Joer tendenziell ëmmer méi Kontrolle bei alle Betriber vun alle Secteuren duerchgefouert.

Déi 36 Kontrollen déi am Joer 2023 bei de Wënzer-Betriber duerchgefouert goufen, entsprieche 14,5% vun den 249 Wënzer-Betriber déi kontrolléiert goufen, an 0,21% vun de 17.328 Kontrollen déi d'ITM am Joer 2023 am ganze gemaach huet.

Et kann een also net behaapten, dass et sech hei just ëm verstäerkt Kontrolle vun der ITM wärend der Wäilies handelt. Et gi keng aner spezifesch Grënn fir verstäerkt Kontrolle vun der ITM wärend der Wäilies.

**Ad. 5**

Betreffend den Net Respekt vu sengen Uerderen am Kader vun de Reegelen iwwert d'Aarbechtsbedéngungen an an der Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht, kann d'ITM de Betriber eng Geldstrof tëschent 25 an 25.000 Euro verhänken.

Fir de Betrag vun der Geldstrof festzeleeën, berücksichtegt den Direkter vun der ITM d'Ëmstänn an d'Gravitéit vun der Infraktioun souwéi d'Behuele vum Employeur.

Éier eng Geldstrof verhaange gëtt, gëtt all Betrib opgefuerdert sech innerhalb vun engem gewëssenen Delai ze regulariséieren. Dësen Delai as am Prinzip op 15 Deeg fixéiert, mee falls néideg kann dësen Delai op Demande vum Betrib och verlängert ginn.

Et sin just d'Betriber déi net op d'Uerderen vun der ITM reagéiert hunn, respektiv déi sech guer net oder net integral regulariséiert hunn, déi eng Geldstrof vun der ITM verhaange kréien.

Betreffend den Net Respekt vun de Reegelen iwwert d'Openthalts- an Aarbechtserlabnes, verhänkt den Aarbechtsminister eng Geldstrof vun 10.000 Euro pro Net EU-Bierger deen ouni Openthalts- oder Aarbechtserlabnes beschäftegt gëtt. Bei der Feststellung vun esou enger Infraktioun ass keng Regularisatioun méiglech.

Den Employeur riskéiert och eng Prisongsstrof vun 8 Deeg bis 1 Joer an eng Geldstrof vun 2.501 bis 125.000 Euro pro Net EU-Bierger deen ouni Openthalts- oder Aarbechtserlabnes beschäftegt gëtt falls :

1. des Infraktioun eng zweete Kéier beim selwechten Employeur festgestallt gëtt,
2. op mannst zwee Net EU-Bierger mateneen ouni Openthalts- oder Aarbechtserlabnes beschäftegt ginn,
3. och nach zoustäzlech grav Aarbechtsbedéngungen festgestallt ginn,
4. den Employeur weess dass de Net-EU-Bierger Affer vu Mënschenhandel ass,
5. de Net EU-Bierger e Mannerjäregen ass.

D'Geldstrofen goufen vum Legislateur am Aarbechtsgesetzbuch fixéiert fir en dissuasiven Effekt op all Betrib ze hunn deen d'Reegele betreffend d'Aarbechtsbedéngungen an an der Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht net respektéiert.

Wann ee gesäit, dass verschidde Betriber sech net regulariséieren, mee léiwer eng Geldstrof verhaange wëlle kréien, da kann een dovunner ausgoen, dass d'Geldstrofen nach net héich genug sinn.

**Ad. 6**

Jo. D'Regierung geet dervun aus, datt et net absichtlech war. Et ass dofir ugeduecht, d'Prozedur vum Recrutement vun den Hëllefsaarbechter am Wäin, Uebst- a Geméisbau ze vereinfachen.

Luxembourg, le 8 mars 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**